Manternach, de 16. Oktober 2005

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
17 OCT. 2005
Q663

Här Lucien Weiler,
Chamberpresident
19, um Krautmaart
LETZEBUERG

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Ufro un den Här Finanzminister weiderzeleeden:

"An Aerer jéngster Déklaratioun virun der Chamber stellt Dir fest, datt "eenzel Recette wéi d'TVA onerwaart an onverständlech falen", och wann dat eleng nët de Finanzéirungsproblem erklärt. Déi zoustänneg Enregistrementsverwaltung huet séch dozou an deem Sënn geäussert, datt d'Fraude fiscale an der EU all Virstellungskraaft dépasséire géif, an datt déi Lëtzebuerger Verwaltung aus Personalmanktem nët ëmstand wär, déi ëmmer méi komplizéier a voluminös Dossiéen ze beaarbechten. Rieds geet vun engem Personalbedarf vu 50 Persounen, awer och vun enger ongenügender Ausbildung. Den Direkter vun dëser Verwaltung hat sech schonns d'lescht Joer un d'Deputéierten adresséiert, fir op dës Situatioun opmierksam ze maachen. Well d'TVA zur wichtigster Recette vum Staat avancéiert ass, a wéi et schéngt, dem Staat hei ganz vill Steiren duerch Hannerzéiung verluer geet, wollt ech Iech, Här Finanzminister, gären folgend Froe stellen:

1. Kënnt Dir dës Duerstellung vun de Verantwortlechen an der Enregistrementsverwaltung bestätegen? Wann daat zoutrëfft:
2. Wéi héich ass Aerer Aschätzung no de Betrag un TVA, deen dem Staat an engem Joer duerch dëse Manktem verluergeet?
3. Wat sinn d'Uersaachen, fir datt et zu dëser bekloenswerter Situatioun komm ass?
4. Gët et de Wëllen an e konkrete Plang, fir dëser Karenz opzehëllefen, a wat sinn déi wesentlech Elementer vun dësem Plang?"

Mat déiwem Respekt,

Roby Mehlen, Deputéierten